N°4519
Entrée le 22.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Déi ëffentlech europäesch Schoulen hunn an de leschte Joren zu Lëtzebuerg eng ëmmer méi grouss Bedeitung kritt. Gläichzäiteg gëtt aktuell intensiv iwwer d'Sproochepolitik an eisem Schoulsystem diskutéiert, notamment am Kader vun der Weiderentwécklung vun de verschiddene Sproochenofferen. An deem Kontext ass et vu besonneschem Interessi, besser ze verstoen, wéi eng Sprooche Schüler an den ëffentlechen europäesche Schoulen tatsächlech als éischt, zweet an drëtt Unterrechtssprooch auswielen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister follgend Froe stellen:

1. Leien dem Ministère Statistike vir, aus deenen ervirgeet, wéi vill Schüler an den ëffentlechen europäesche Schoule jeeweils wéi eng Sprooch als L1 (éischt Unterrechtssprooch) gewielt hunn? Wa jo, kann den Här Minister dës Zuelen no Schoul a Sprooch oplëschten?
2. Leien dem Ministère entspriechend Statistike vir iwwer d'Wiel vun der L2 (zweet Unterrechtssprooch)? Wa jo, kann den Här Minister dës Zuelen no Schoul a gewielter Sprooch matdeelen?
3. Leien dem Ministère och Donnéeën iwwer d'Wiel vun der L3 (drëtt Unterrechtssprooch) vir? Wa jo, kann den Här Minister dës Zuelen no Schoul a gewielter Sprooch oplëschten?
4. Falls dës Donnéeën disponibel sinn, kann den Här Minister och uginn, wéi sech dës Zuelen an de leschte fënnef Schouljoren entwéckelt hunn?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten